## Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

# News

## 20.5.2015 Villmools Merci alleguer fir déi grouss Ënnerstëtzung!

20 **May** *2015*

(comments: 0)




Ëmmer méi Leit sinn skeptesch vis-à-vis vum Auslännerwahlrecht, mä leider dominéiert nach ëmmer de Jo den ëffentlech Discours.

Dofir si mir op Iech alleguer ugewisen fir weider Reklamm ze maachen an d'Leit ze informéieren.

Bestellt bei eis Flyer an Pechbiller (per Mail: kontakt@nee2015.lu)

Kontaktéiert eis wann dir eis wëllt hëllefen ausdeelen!

Schreift Lieserbréiwer zum Beispill fir an d'Wort (wort@wort.lu)

Wann dir wëllt en Don maachen fir de Nee ze ënnerstëtzen: http://nee2015.lu/index.php/spenden.html

https://www.facebook.com/nee2015.lu
http://nee2015.lu

Read more … 20.5.2015 Villmools Merci alleguer fir déi grouss Ënnerstëtzung!

## 19.5.2015 Face-à-face Laura Zuccoli - Fred Keup

19 **May** *2015*



Bei der Fro vum Auslännerwahlrecht steet si fir d'Plattform Minté a fir de JO, hie vertrëtt d'URL Nee2015.lu a steet, wéi den Numm et seet, fir den NEE.

http://radio.rtl.lu/emissiounen/face-a-face/633670.html

Read more …

## 18.5.2015 105.000 potentiell nei Wieler / MINTE huet vun 35.000 geschwat.

18 **May** *2015*

(comments: 0)

Et ginn 105'000 auslännesch Matbierger, déi méi wei 18 Joer al an op d'mannst 10 Joer am Land sinn.

Dat heescht, dass bei de nächsten Chamberwahlen 105'000 Auslänner wielen kënnen, well virdrun eng Gemengewahl ass. Domatt sinn déi 2 Konditiounen erfëllt.

Dat ass d'Estimatioun, déi de STATEC an der Publikatioun "Regards sur les électeurs potentiels" mécht.

Mir stellen also matt Erschrecken fest, dass déi Zuelen, déi ëmmer vun den Unhänger vum Jo an besonnech vun der ASTI/MINTE genannt ginn, falsch sinn.

An hirer Publikatioun „D'Awunnerwahlrecht – Firwat" schreift MINTE: „Die Wählerschaft wird nur schwach zunehmen – maximal 35.000 Wähler, wenn alle Nicht-Luxemburger von ihrem Recht Gebrauch machen – was sicher nicht der Fall sein wird."

Read more … 18.5.2015 105.000 potentiell nei Wieler / MINTE huet vun 35.000 geschwat.

## 18.5.2015 Informatiounsversammlungen

18 **May** *2015*

(comments: 0)

Nee2015 ass invitéiert op d'Informatiounsversammlungen:

- haut, um 19:30, zu Schëtter

- muer Dënschden um 19:30 zu Ëlwen am Orion.

Mir wäerten während 15 Minutten de Standpunkt vum Nee zum Auslännerwahlrecht vertrieden.
Duerno ass nach Débat wou d'Leit aus dem Publikum kënnen Froen stellen.

Haut ass och nach eng Versammlung zu Käl, **wou awer just de Jo eng Présentatioun dierf machen!**

Weider sinn och nach d'Informatiounsversammlungen vun der Chamber:
- e Méindeg, 18. Mee 2015 an der Aler Seeërei zu Dikrech,
- en Dënschdeg, 19. Mee 2015 am Centre sportif, culturel et scolaire „Tramsschapp“ an der Stad (Lampertsbierg),
- en Donneschdeg, 21. Mee 2015 am „Mierscher Kulturhaus“ zu Miersch,
- e Freideg, 22. Mee 2015 am groussen Auditoire vun der „Maison du Savoir“ vun der Uni Lëtzebuerg zu Esch-Belval.

Read more … 18.5.2015 Informatiounsversammlungen

## 16.5.2015 Nach ëmmer gëtt en fairen Débat net zougelooss.

16 **May** *2015*

Sou och erëm leschten Méinden zu Réiden.

Virun enger gudder Woch ass dann och eng Motioun fir en fairen en équilibréierten Débat, ënnerstëtzt vun ADR, CSV an déi Lénk an der Chamber gescheitert.

Hei ass den Artikel an der Woxx iwwert d'Informatiounsversammlung zu Réiden.

http://woxx.lu/id_article/8161

Read more …